

Préface Monsieur Gilles ESTGEN - President vum *Office Régional du Tourisme (ORT) Région Moselle Luxembourgeoise*

Patrimoine, Kultur ... a Wäertschätzung

Viru kuerzem gouf méi intensiv iwwer d'Wäertschätzung an Unerkennung vun eisen Patrimoine an eiser nationaler Kultur diskutéiert, an och alt emol méi zolidd debattéiert. Jo, et war dunne bemol Rieds vun engem Dag vun der Lëtzebuenger Kultur an dem Patrimoine...

Wann e esou en extra Dag zu engem Thema agefouert gëtt, dann ass dat leider oft en Zeechen dofir, datt mir haut an eiser moderner a liberaler Welt bestëmmte Beräicher, Ressourcen, Mënschen a Wäerter riskéieren ze vergiessen oder op mannst ze vernoléisseggen. Esou koum et dann zum Mammendag, dem Dag vum Waasser, dem Dag vun der Integratioun oder eben elo zum Dag vun der Lëtzebuenger Kultur... .

D'Maacher Drauwen- a Wäifest ass ouni Zweifel e staarkt Stéck Nationalkultur, an ass och e feste Bestanddeel vum Patrimoine vun eiser Lëtzebuenger Musel. An och wa muncher een sech méindes net méi genau un all Erlebnisser vum Weekend wäert erënneren (kënne) esou bleift dat gréisste Wäifest op der Musel dach oft eng onvergiesslech Erfahrung. An et ass méttlerweil och an de Käpp vun de Leit datt den zweete Weekend am September d'Muselmetropol ganz am Zeechen vun der Lëtzebuenger Wäikultur steet.

Och di 69. Editioun vun dësem Fest ass nees eng flott Kompositioun vun Musek, Danz, Spaass a Gesellegkeet ronderëm eise gudden Lëtzebuenger Wäin.

Ech wëll dann hei op dëser Plaz eng Lanz briechen fir déi néideg Wäertschätzung vun deem enormen Aarbechtsaasaz an Zäitopwand, deen den Organisatiounscomité vum Maacher Drauwen- a Wäifest ënner hirem President, dem Paul Lorenz, och dës Kéier gelescht huet bzw. nach iwwer de Weekend brénge wäert.

Mir wësse jo scho laang datt eis Wäifester op der Musel ëmmer nees en Touristemagnéit duerstellen, a Leit vu wäit an och vu méi no ulackelt, déi eis da beneiden a felicitéieren well mir zu eisen Traditiounen stinn, an esou d'Iwwerliwwerung an d'Erhalen vun eisem kulturellen Patrimoine am Miselerland sécherstellen.

Dozou gehéieren och eis Wäikinninnen a -prinzessinnen, jonk Mënschen, déi vill vun hirer Fräizäit opferen, fir eis Traditiounen ze erhalen an d'Konscht an d'Kënnen vun eise Wënzer fir eisen Wäin ze „kultivéieren“ duerch hiren Asaz an hier vill Optrëtter wäertschätzen an iwwer d'Grenzen eraus bekannt maachen.

Eis Wäikinnigin Jana ass elo « en fin de parcours » a kann houfreg op déi geleschten Aarbecht vum leschte Joer zréckblécken. Di nei Wäikinnigin Sophie wäert deem an näischt nostoen a mat frëscher Dynamik a villäicht enger neier Aart, d'Leit fir eise gudden Miseler Wäin begeeschteren.

Ech sinn iwwerzeegt, och dës Editioun vum Maacher Drauwen- a Wäifest wäert de Leit nees ganz positiv an nohalteg an Erënnerung bleiwen an si wäerten déi vill Aarbecht déi dohannert stécht och hoffentlech ze schätzen wëssen.

Gilles ESTGEN

President vum
Office Régional du Tourisme (ORT)
Région Moselle Luxembourgeoise